FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DES PÊCHEURS SPORTIFS
SECTION: < PÊCHE EN MER >

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2016

**Secrétariat**
*Gilbert ZANGERLE*
*155, rue de Cessange*
*L-1321 Luxembourg*

# Rapport 37. Generalversammlung Sektion "Pêche en Mer" F.L.P.S.

10. Januar 2016



*(Photo: Charlot Kuhn)*

**Usprooch vum Präsident**
De Präsident André Biver begréisst ganz häerzlech d'Memberen an d'Sympathisanten vun der Sektion Pêche en Mer. Besonnesch erfreet weist hien sech iwwer d'Präsenz vum Verbandspräsident Jos Scheuer. Hien entschellegt de Vize-President John Palgen, de Verbandvize-Präsident Pierrot Merten an eisen eelsten a Grënnungsmember Gilbert Arendt.
No enger Gedenkminutt un déi verstuerwe Kollegen vun der Sektioun mecht hien déi 37. Generalversammlung op.
Hien erkläert kuerz d'Problemer mat deenen d'Sektioun konfrontéiert ass, mais weist awer och gläichzäiteg Zukunftsvisiounen op, wéi d'Sektioun an de nächste Joren méi attraktiv ka gemat gin. Hie riicht och en Opruff un all d'Memberen aktiv matzeschaffen an zum Beispill dem Comité matzedeelen wou et interessant Fësch-méiglechkeeten gët.

**Rapport vum Sekretär**
De Sekretär Gilbert Zangerlé geet kuerz op de schrëftleche Rapport 2015 an, deen d'Versammlung ausgedeelt krut. Hie bedauert, dass eis Memberzuel erof geet. De Moment hu mir nach 54 aktiv Memberen. Dëse generelle Phenomen ass awer net nëmmen bei de Fescher ze vermierken, mais et ass e Gesellschaftsproblem. Wéineg Leit wellen sech nach fest a Veräner engagéieren oder benevol matschaffen.
De Rapport 2015 gouf vun der Versammlung ugeholl.

**Rapport vun dem Keessier**
De Keessier Claude Resch huet der Versammlung am Detail d'Compten vun der Sektioun virgeluegt an déi verschidde Mouvementer erkläert. Fir den Exercice 2015 mecht d'Sektioun e Boni vun 39,35 €. Wa mir eis Annonce-Brochure an eise Subside net hätten, géife mir ganz kloer rout Zuele schreiwen.

**Keeserevisoren**
D'Keesserevisoren fir 2015, Norbert Steyer, Fernand Gira a Jean-Jacques Baustert, haten de 9. Januar d'Kees kontrolléiert an hun der Versammlung bestätegt, dass d'Kees ganz korrekt a minutiéis geféiert gin ass. Sie bieden d'Versammlung dem Kessier d'Décharge fir 2015 ze gin.
Dat gouf per Acclamatioun acceptéiert.

**Cotisatioun 2017**
Et get eestëmmeg beschloss d'Cotisatioun fir 2017 op 25 € ze loossen.

**Erneierung vum Comité**
Déi austriedend an erëmwielbar Memberen goufen erem an de Comité zereckgewielt. Dat sin: Hansen Jean-Pierre, Micucci Giovanni, Palgen John, Royer René a Scheifer John.
Zousätzlech gouf de Schenk Paul erem zereck an de Comité cooptéiert.
Ausser dëse Leit si folgend Memberen am Comité 2016: Biver André, Resch Claude, Maraschin Ralph an Zangerlé Gilbert.
D'Chargeverdeelung gët laut Statuten an der 1. Comitéssëtzung (13.1.2016) festgeluegt.

**Neiwiel vun de Keesserevisoren**
Déi 3 Keesserevisoren, Steyer Norbert, Jean-Jacques Baustert a Fernand Gira haten hier Kandidatur erem gestallt a goufen eestëmmeg zereckgewieltl.

**Eierung vun de Beschtklasséierten 2015 a vun de laangjährege Memberen**
No der Eierung vun de Beschtklasséierten vun den 2 Landesmeeschterschaften a vun der Coupe Will Helbach goufen och dräi 10jähreg Memberen geéiert. Dëst woren: John Scheifer, Claudio Valent an Etienne Schiltz. Eng Foto fir an d'Zeitung an op eis Internetsäit huet dëss kleng Cérémonie ofgeschloss.

**Wuert vum Verbandspräsident Jos Scheuer**

De Präsident Jos Scheuer felicitéiert virun allem d'Sektioun fir hier gutt an onofhängeg Aarbecht.
D'Relatioun mat der FLPS soll sech awer net nemmen op Subsiden begrenzen, mais hie wäer frou wa sech och Leit vun der Sektioun PeM aktiv géingen am Verband engagéieren.
Hie weist ausdrecklech op d'Wichtegkeet vun enger staarker Fëscher-Federatioun hin. Nemmen eng grouss Federatioun mat ville Memberen kann dobaussen bei de Leit an awer och bei de Ministèren an aner Verwaltungen Gehéier fannen. Mir sollen aktiv eis Sympathisanten fir d'Federatioun begeeschteren.
All Fescher soll e Naturschützer sin, deen net nemmen de Fësch, mais de ganze Biotop Waasser an alles wat domat zesummenhängt begräift an sech och esou verhält. Mir sin Notzer vun der Natur an dat soll no ganz kloren Regelen an am Respekt vun der Emwelt geschéien. Speziell d'Mierfëscher sin direkt mat den Auswierkungen vun Emweltverschmotzung, Iwwerfeschen oder mat de Folgen vu Naturkatastrophen konfrontéiert. Mais och Problemer hei am Land solle kee kal loossen. Hien erennert un déi delikat Diskussiounen iwwer d'Kormoranproblematik oder d'massivt Opkommen vun der Schwaarzmiergrondel.
Hien erklärt e beschen d'Iddi vun der Kreatioun vun engem Haus vun de Fësch zu Waaserbelleg, wourun och den Aquarium gekoppelt kéint sin. Esou e Lokal géif vill Méiglechkeeten wéi zum Beispill eng Feschschoul oder spezifesch Konferenzen an Ausstellungen erméiglechen. Leider ass et net esou einfach d'Ministèren mat op déi Schinn ze kréien.

**Bemierkung an Ureegung vum Sekretär**

De Sekretär seet dem Präsident Jos Scheuer Merci fir seng schéin awer kloer Wieder a weist kuerz op d'Situatioun vu Nopeschlänner hin, wou de Verband eng Joint-Venture mam Staat huet. De Verband vun deene Länner kritt e groussen Deel vun de Souen vun de Permisen, wat awer mat ganz kloren Oploen verbonnen ass, wéi zB d'Education à l'Environnement et à la Pêche iwwer de Wee vun objektiver Öffentlechkeetsaarbecht a Schoulen, op Ausstellungen oder mat Kampagnen an der Press an am Fernseh. Dat ass en Idealfall, mais firwat net esou eppes am Klengen och bei eis ustriewen?
Natierlech kann een esou eppes net just mat benevolle Leit maachen, mais duerfir brauch e spezialiséiert Leit (Biologen, Mediespezialisten, asw.) déi duerfir agestallt a bezuelt gin.

**Berichter vun dem Trainer a Kapitäne vun de verschiddene Nationalequippen**

Den Trainer Jean-Pierre Hansen huet kuerz e puer Iddien virgestallt wéi hien an Zukunft wellt mat de Leit zesummeschaffen. Hien erwähnt och d'Méiglechkeet an d'Fescherzeitung een oder deen aneren Artikel ze schreiwen, wou hien interessant Monturen a Feschermaterial virstellt.

De Royer René, Kapitän vun der WM-Equipe an Irland a vun der Equipe a Polen mecht e klenge Rapport wéi dëss Meeschterschaften gelaf sin.

De Micucci Giovanni, Kapitän vun der Equipe vun der Coupe des Nations 2015 zu Fehmarn, geet och op d'Organisatioun vun dësem Concours an an erkläert dat gutt Resultat, dat eis Mannschaft erreecht huet.

**Programm 2016**

De Sekretär stellt de Programm 2016 vir.
Déi grouss Erausfuederung fir dëst Joër ass d'Organisatioun vun der „Coupe des Nation" um Neeltje Jans. Fir dëst Evenement brauche mir nët nemmen eng Equipe Fëscher, mais och eng Equipe Leit, déi bei der Organisatioun hëllefen.
Och d'Visma 2016 soll no engem neie Konzept organiséiert gin. D'Sektioun fiert de 5. Mäerz dohin a kuckt sech dat un.
D'Landesmeeschterschaft 2016 am Bootsfëschen get erem a 6 Manchen op 3 Weekender um Neeltje Jans gefëscht.
Déi polnesch Meeschterschaft am Kunstköderfëschen zielt gläichzäiteg fir eis Landesmeeschterschaft. Déi 5 Eischt huelen 2017 op der Europameeschterschaft am Kunstköderfëschen deel. Et ass den däitsche Verband, deen dëss Meeschterschaft 2017 organiséiert.

## Section "Pêche en Mer"

http://mer.flps.lu
Email: mer@flps.lu
Tél.: 49 67 40 Fax: 26 29 69 21

### PROGRAMME 2016

| | | |
|---|---|---|
| 10 | janv. | Assemblée Générale (Mersch) |
| 5 | mars | Visite Expo VISMA (Rotterdam) |
| 12 | mars | Neeltje Jans (NL) |
| 23-24 | avril | LM1 + LM2 |
| 11-15 | mai | Champ. de Pologne (Darlowo) |
| | | LM (leurres artificiels) |
| 26-29 | mai | Coupe des Nations (Org. LUX) |
| 18 | juin | Coupe Will Helbach (Neeltje J.) |
| 16 | juillet | Jachts Blankenberge (B) |
| 17 | sept. | Jachts Blankenberge (B) |
| 24.9-1 | oct. | WM Tivat (Montenegro) |
| 29-30 | oct. | LM3 + LM4 |
| 12-13 | nov. | LM5 + LM6 |
| 3 | déc. | Neeltje Jans (NL) |

Participation aux expositions de:
Diekirch, Mersch et Steinsel

**Diskussioun**

Während der Diskussioun erkläert de Sekretär de Leit d'Reglement fir de Bar, dat d'Europäiesch Kommissioun fir 2016 ugeholl huet. An der 1. Halschend vum Joer ass de Bar ganz zou an an der 2. Halschend däerf just 1 Bar pro Fescher a pro Dag gefaang gin. Ausserdeem ass d'Mindestmoos a ganz Europa op 42 cm eropgesat gin.

**Schlusswuert**

Zum Schluss invitéiert de Präsident André Biver den FLPS-Präsident Jos Scheuer op d'Coupe des Nations 2016. Hie weist sech ganz erfreet iwwer d'Generalversammlung 2016 a seet all de Leit e grousse Merci a wënscht hinnen fir d'Saison 2016 vill Erfolleg.

de Sekretär
Gilbert Zangerlé